n° 2491

Lëtzebuerg, den 6. Juli 2020

REÇU
Par Alff Christian , 09:51, 07/07/2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

*« Bei Stauen op der Autobunn kënnt et dacks vir, dass Motorradsfuerer d'Autoen iwwerhuelen, andeems se duerch d'Rettungsgaass an der Mëtt vun der Bunn fueren („lane-splitting" genannt). Dëst ass awer u sech zu Lëtzebuerg – am Géigesaz zu villen anere Länner – verbueden.*

*Allerdéngs suggeréieren Etüden, dass dës Praxis méi sécher ass fir d'Motorradsfuerer selwer, well doduerch de Risiko fir Accidenter duerch Opfuere reduzéiert gëtt. Aus deem Grond hat de Ministère och schonn 2016 en Aarbechtsgrupp lancéiert, fir z'analyséieren, ob een dës Praxis net och hei am Land legaliséiere kéint.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:*

- *Wou sinn d'Aarbechte vun dësem Grupp drun?*
- *Kann den Här Minister eventuell schonn eng Konklusioun vun dësen Aarbechten zéien?*
- *Wat wieren d'Grënn fir dës Praxis weiderhin net z'erlaben? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 18 AOUT 2020

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

REÇU
Par Alff Christian , 10:01, 18/08/2020

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N° 2491 du 6 juillet 2020 de l'honorable député Monsieur Max Hahn, concernant la pratique du « lane splitting », tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°2491 vum 6. Juli 2020 vum honorabelen Deputéierte Max Hahn zum Sujet "Pratique du lane Splitting"**

Den honorabelen Här Deputéierte stellt sech Froen iwwert d'Circulatioun vu Motorrieder an der Rettungsgaass bei engem Stau op der Autobunn.

An dësem Zesummenhang sief fir d'éischt dorops higewisen, datt en hei zwou verschidde Situatiounen ënnerscheede muss. Déi éischt ass eng Situatioun mat dichtem Verkéiersopkommen woubäi de Verkéier awer nach rullt. Fir dëse Fall erlaben ech mir fir op meng Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°2547 ze verweisen.

Wat d'Circulatioun an der zweeter Situatioun ugeet, esou si mir hei an enger Situatioun bei der e Stau op enger Autobunn ass wou de Verkéier komplett steet. Hei proposéiert den honorabelen Deputéierten, sou wéi dat an e puer anere Länner méiglech ass, datt d'Motorieder an der Mëtt duerch de Stau fuere kënnen. Hei muss een tëschent Länner ënnerscheeden, déi de Prinzip vun der Rettungsgaass an hirem Gesetz verankert hunn an deenen aneren. Generell kann e soen, datt bei eisen Nopeschlänner mat Rettungsgaass de lane-spillting verbueden ass, well d'Rettungsgaass, wéi den Numm et seet, fir d'Rettungsdéngschter reservéiert ass. Dëst ass z.B. an Däitschland oder och an Éisterräich de Fall. An der Schwäiz soll d'Rettungsgaass 2021 kommen. A Länner ouni Rettungsgaass wéi an der Belg oder a Frankräich gëtt et dëse Prinzip logescherweis dann och net.

Fir déi staatlech Verkéierskommissioun ass de Prinzip vun der Rettungsgaass kloer, an d'Fueren an der Rettungsgaass vun alle Gefierer déi net am Kader vun engem Accident do musse fueren (z. B. CGDIS, Ponts et Chaussées, Ofschleefwon) ass a bleift verbueden.